Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

**N° 350 Heemount / Kaarschnatz / Hierschtmount 2014**

**Juillet / Août / Septembre**



Kënnt **5 mol pro Joër** eraus
Abonnement **25.00 Euro**
CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakteren: **Marc Jentges & Patrick Jénin**
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**
Tel: **49 50 51**
**http://www.lionsbleus.lu**

LIONS BLEUS BONNEVOIE
100
HONNERT JOER / 2014
SCOUTS ET GUIDES

**Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!**

# Les amis des Lions Bleus Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

Léif Scoutsfrënn,

a schon ass ee Scoutsjoer erëm – iergendwéi ass et erëm geflunn. A matzen dran all di Aktivitéiten, déi mer konnten zesummen erliewen. Mir hun zesumme Versammlunge gehal, Sortië gehat, Weekender verbruecht a Camp'en erliwt. Dertëscht ass och nach de Kleesche komm, mir hu Schlofsäck gesammelt, ee Won fir de Fakelzuch gebaut, Wippercher verkaaft an der Groussgaass, ... Ouni alles ze ernimmen gehéiert hei eise Cheffen ee besonnesche Merci. Si sin et, déi Woch fir Woch am Asaatz sin, déi sech all Mëttwoch am Dall begéinen fir zesummen ze präparéieren an ze schaffen. Si sin et, déi all Samschdeg um Dill sin fir mat eise Kanner ze schaffen, ze spillen, ze laachen, ze léieren, ... MERCI!

Natiirlech wëlle mer och dene merci soen, déi net esou an der éischter Rei stin a sech ëm den Home an den Terrain rondrëm den Home këmmeren, déi sech ëm d'Locatioune këmmeren, déi Fotoe maachen fir ee schéine Souvenir ze hun, jee ëm alles, wat ufällt an et ass esou vill. MERCI!

Mir hun dëst Joer natiirlech speziell fir eisen honnertste Gebuertsdag eng sëllechen extra Aktivitéite gehat an et kommen der nach no. Fir der just e puer erauszepicken: Mir hun am Abrëll un d'Ufäng vun eisem Grupp erënnert a versicht dat nozespillen an hun do eist Verspriechen erneiert. Dir hutt all am Laf vum Joer regelméisseg Informatiounen zu eisem Gebuertsdagsjoer kritt an ech hoffen,dir hutt all eng gutt Iddi gehat fir eise Button a Szen ze setzen ☺. Ech sin op alle Fall gespaant op eist Buch. Am September organiséiere mir am Kader vun eisen honnert Joer d'Assemblée générale vun der FNEL an d'Réunion des chefs am Home FNEL an am November ass nach d'Clotûre vun eisem Gebuertsdag.

Ech wëll hei och eisem Comité „Honnert" merci soen fir all hir Aarbecht – si hun dat mat vill Kreativitéit, mat Léift a Respekt zum Grupp réaliséiert an ech wëll hinen hei félicitéieren fir hirt Engagement! MERCI!

Lo freeë mer eis nach op eisem internationale Summercamp um Kierchbierg, deen d'FNEL am Kader vun hirem honnertjährege Gebuertsdag organiséiert. Do wäerte mer zu iwer 1250 Wëllef, Scouten, Explorer, Rover, Cheffen a Fräiwëllegen Campliewen schnupperen. Do waarde vill verschidden Aktivitéiten a Visiten op eis, een Hike duerch eist Ländchen, ee faméist Theaterstéck an dee gréisste Pow-wow, deen d'FNEL je gesin huet. Ech denken, dat soll kee sech laanscht d'Nues goe loossen. Vun eisem Grupp si vill Leit am Asaatz fir dee Camp als Responsabel fir verschidden Aufgaben. Dat weist, datt mir gebraucht gin, datt eis Hëllef gefrot gëtt an erwënscht ass an datt mir eng Hand upaken, wou se gebraucht gëtt.

Mir wënschen iech ee super Camp an eng erhuelsam Summervakanz fir datt mer et am September net kënnen erwaarden, datt et erëm lassgeet wann et heescht, datt d'Lions Bleus hir traditionell Gruppeversammlung hun!

Lénks Patt, Racoon indécis

# Bayreschen Owend

## 5. Juli 2014

## Speisefolge

- Weißwurscht mit süssem Senf & Brezel

- Schweinshaxe oder Rotlett mit gebratenen Erdäpfeln

<u>für unsere kleinen Gäste:</u>

Bratling mit gebratenen Erdäpfeln

- Apfelstrudel

Begleitet von echtem bayrischem Bier vom Fass

I ben a woaschechter Boayer

Traditionellt Léiwefest am Thema Bayern & 100 Joër Lions Bleus

LIONS BLEUS BONNEVOIE 100 HONNERT JOER / 2014 SCOUTS ET GUIDES

Jubiläumsfeier zum 100 - jährigen Geburtsdag & Fotogallerie vun de leschten Joëren

# MIR ZIELEN D'DEEG !!

**Allerdengs muss du nach e puer Saachen wëssen, wéi, waat, wou! Daat alles gëss de hei gewuer.**

together 2014

## Praiss? Hues du alles bezuelt?

Wëllef: 120 Euro Scouten/Explorer/Rover/Staff: 300 Euro waren ze bezuelen bis den 20. Juni

Wann net, dann dierfs du net op de Camp :( also graif schnell zum Portmonni !

## Arrivée?

Rendez-Vous, Donneschdes den 17. Juli 2014 um 8 Auer bei der Entree vum Camp an tiptoper Uniform. Et ass wichteg dass du zur Zait do bass!

Wellef:
Hei brauchs du nach e klenge Rucksack prett mat: Waissen T-shirt, Wassersandalen, Schwammsaachen, Sonneschutz, Bidon, Pic-Nic, 5 Saachen.

Scouten/Explorer/Rover:
Du solls och e Pic-Nic vir Mëttes dobai hun, am beschten an engem klenge Rucksaack.

## SCHLUSS?

Wellef:
Sonndes, den 20. Juli 2014 ass um 16.30 Auer d'Chaîne des Adieux fir d'Wëllef, an do wäerten déi Jonk dem Camp Äddi soen. D'Eltere kënnen dech um 16.30 Auer siche kommen, zu Fouss, den Auto bleift um LuxExpoParking.

Scouten/Explorer/Rover:
Samsdes, den 26. Juli 2014 ass de Camp um 15.30 Auer eriwwer. Deng Elteren sollen dech dann bei d'Entree vum Camp, zu Fouss, siche kommen.

## Beaver:

Natirlech bass du och dobai um Together/Pow-Wow, Sonndes, den 20. Juli 2014. Rendez-Vous ass um 9 Auer um Park&Ride bei der LuxExpo.
Schluss ass tselwescht wéi bei de Wellefcher. Weider Infos an waatsde brauchs, fënns du am Post-It Nr.4.

**Wanns du nach weider Froen hues, kanns du denge Cheffen gären uruffen vir dës ze klären. Vill Infos fënns du och an dengem Post-It, deens du heemgescheckt kruus oder nach eng kéier op www.lionsbleus.lu**

Sief gegréisst jonke Ritter oder Maid,

den Graf Löwenstein an seng Fra d'Kriemhild invitéieren op hirt grousst Ritterturnéier! No enger laanger oder esouguer ze laanger Paus iwwert de Summer, ass et erem esou wait.

Mir gesin eis vir en grousst Ritterturnéier ze bestreiden, wou mir den stärksten an beschten Ritter wärten kréinen. Vill flott Erausfuerderungen warden op dech! Also mell dech séier bei dengen Cheffen un!

Mir mussen d'Pärd prett stellen, d'Schwerter schleifen an d'Béi spaanen bis dohin!

**Rendez-Vous:**

Samschdes, den 20. September 2014 um 14.00 Auer beim Home FNEL um Fetschenhaff. (61A, rue de Trèves L-2630 Luxembourg)

**Schluss :**

Samschdes, den 20. September 2014 um 17.00 Auer beim Home FNEL um Fetschenhaff. (61A, rue de Trèves L-2630 Luxembourg)

**Material:**


Tip-Top Uniform (Hiem, blo Box, Foulard), Bidon mat Waasser, Kaap, Biergschung oder fest Schung, dem Wellefchen seng 5 Saachen etc...

**Prais:**

Eis Ritterturnéier kascht naicht! Eenzeg Konditioun: et muss een ganz vill Motivatioun dobai hun. Soss kanns du d'Turnéier io net gewannen!

Umellen kanns du dech bei dengen Cheffen bis den 18. September 2014 mat deser Souche oder per Mail op cheffen@lionsbleus.lu






**Ech ______________________ mellen main**
**Beaver/Wellefchen/Scout/Guide/Explorer/Rover**

______________________________

**un vir déi grouss Ritterturnéier-Gruppeversammlung (20.9.2014)**

**Ennerschreft:______________________**



# Souche Montée

fir BV,LX,SG,EX



En neit Scoutsjoër fänkt un.
Ët gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi deen nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maachen. Sou gët aus engem groussen Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen en klengen Scout an aus engem groussen Scout en klengen Explorer.


Mell dech also sèier un, dat's du och dobai bass, fir e flotten Weekend mat kënnen ze erliewen.



| | |
|---|---|
| **Weini:** | 4.-5. Oktober 2014 (EX-Montée ass schon Freidesowes den 3.10.14 :) ) |
| **Wou:** | beim Home Lions Bleus |
| **Rendez-Vous:** | 3. Oktober 2014 um 21h00 beim Home (EX & gr.Scouten dèi d'Montée maan) |
| fir de Rescht: | 4. Oktober 2014 um 14h00 beim Home |
| **Retour:** fir Beaver: | 4. Oktober 2014 um 18h00 beim Home |
| fir de Rescht: | 5. Oktober 2014 um 15h00 beim Home |
| **Präiss:** | 20,00 €, bis den 27.September 2014 op den Compte: **Les Lions Bleus asbl-Rover** --> CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000 ze iwwerweisen mat der Mention: Montee & Numm vum participant. Beaver brauchen näischt ze bezuelen, **ausser dèi Beaver dèi d'Montée maachen, mussen 20,00 € bezuelen.** |
| **Souche:** | Ass ebenfalls bis den 27.September 2014 bei dengem Chef oofzeginn. |
| **Waat brauchs du alles:** | Uniform, Schloofsaack + Carrymatt, Täschenluucht +Täschenmesser, Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong, Jumbo fir d 'Scouten |

d'Cheffenéquipe


Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ........................................................... erlaaben
mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/(Explorer)

..........................................................

un der Montée 2014 vum (3.)4.-5.Oktober 2014
zu Bouneweg deelzehuelen.



..........................................................
Ënnerschrëft vun den Elteren

# Viizweekend

SG, Ex, Ro





## Viz-WE

**18 an 19 Oktober 2014 am Home LBB**

**Léif Scouten, Guiden, Explorer a Rover,**

An der Hoffnung, dass mer dëst Joër méi Appel hun, machen mir erëm en Fiz-WE. Samsdes fueren mer duerch onst Ländchen vir Appel zesummen ze dreiwen,ze raafen an ze plëcken. Sonndes gin se raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gesteriliséiert an de Jus gedronk.





**RENDEZ-VOUS:** Den 18. Oktober 2014 um 8:30 Auer beim Home.

**RETOUR:** Den 19. Oktober 2014 beim Home. Ab 15.00 Auer sin d'Elteren op en Patt fröschgepressten Viz an e StëckAppelkuch agelueden.

**PRAIS**: 15 Euro sin bis den 4. Oktober 2014 op den Compte Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) ze iwwerweisen an d'Souche ass vir den selwechten Dag ofzegin.

**MATERIAL**: dem Wieder ugepassten Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Isoléiermatt, Schlofsack, Schlappen, fest Schong, Wäschsaachen, e Kuch ass och wëllkomm.



Ech

...............................................................................

gin gäeren mat op den Viz-Weekend den 18-19 Oktober 2014.

Ech hun d'Geld bis den 9.10.2011 iwwerwisen an d'Souche ofgin.

..............................................

(Ennerschrëft vun den Elteren)



# Viizstuff

Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer, Rover



Mir invitéieren op eis **Äppelstuff!!** Beaver, Wellef, Rover Elteren, Frënn & Famill si wellkomm



Aus den Äppel gëtt net nemmen frëschen Viiz gemaach, deen dobai och nach super lecker ass, mee och séiss Taarten, Äppeltäschen, Kompott an anch villes méi.

Wann dir also är Kanner sichen kommt oder är Kanner bei eis an de Beaver oder an de Wëllef sin oder dir eemol wëllt Moien soen kommen, lueden mir ierch an, op eis Äppelstuff. Famill an Frënn si Wellkomm an vir e klengen Obulus (1 Euro op alles) gëtt et och nach eppes ze knabberen an ze baissen.

Eis waarem an gemittlech **Äppelstuff** bei eis **am Home** ass op, den **19. Oktober 2014** vun **15.00-17.00** Auer. Kommt also bei eis an kuckt ierch hei enner aanerem un, wéi Viiz gemaach gëtt (ouni Maschinen). Dir kënnt ierch mat folgender **Souche bis den 11. Oktober** bei ären Cheffen **umellen** :-)



**Ech ..........................................**

**wëll mech umellen vir d'Kaffistuff,**

**den 19. Oktober 2014 am Home LBE**

**an ech kommen mat ............... Leit.**

**Ennerschreft:**

**..................................**



# Programm Beaver



## AUGUST

VAKANZ

## SEPTEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Vakanz | |
| 13. | Vakanz | |
| 20. | Gruppenversammlung | 14:00-17:00 |
| 27. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

## OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Montée | 14:00-17:00 |
| 11. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Kaffisstuff (Viizweekend) | 15:00-17:00 |
| 25. | Vakanz | |

## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Vakanz | |
| 8. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

Beaverklack

Lena & Nora& Alizée & Maiti

## Juli

| | | |
|---|---|---|
| 5. | Léiwenfest | |
| 12. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |
| 17. -20. | Together Camp fédéral centenaire FNEL | |
| 20. | Pow-Wow (Together) | |

### Schéin Summervakanz

## September

| | | |
|---|---|---|
| 20. | Gruppenversammlung | 14.00 - 17.00 |
| 27. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |

## Oktober

| | | |
|---|---|---|
| 4. - 5. | Montée | |
| 11. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |
| 18. | Wellefcherssortie | 14.00 - 16.00 |
| 19. | Kaffisstuff (Viizweekend) | 15.00 - 17.00 |

## November

| | | |
|---|---|---|
| 8. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |
| 15. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |
| 22. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |
| 29. | Wellefchersversammlung | 14.00 - 16.00 |



Lenks Patt

Breeze, Claude, Michel, Sophie, Fennec

# Programm Scouten

Programm SG

**JUNI**

| | | |
|---|---|---|
| 07.-10. | PËNGSCHTCAMP | |
| 14. | keng Versammlung --> Pëngschtvakanz | |
| 16. | BUTTONDAAG 100Joër LBB | |
| 21. | evtl. Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH & LBB-GRILL | |
| 28. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

**JULI**

| | |
|---|---|
| 05. | LÈIWENFEST |
| 12. | keng Versammlung |
| 17.-26. | TOGETHER Camp centenaire FNEL |

**AUGUST**


Grouss Vakanz :)

**SEPTEMBER**

| | | |
|---|---|---|
| 20. | GRUPPENVERSAMMLUNG | 14:00-17:00 |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

**OKTOBER**

| | | |
|---|---|---|
| 04.-05. | MONTÉE | |
| 11. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 18.-19. | VIIZ-WEEKEND | |
| 25. | keng Versammlung = Vakanz | |



Atra/Tamia/Soa/Nicolas/Christophe/Mauro

# Programm Explorer



## Juli



| | | |
|---|---|---|
| 5. | Lèiwenfest | |
| 17.-26. | Together ‚Summercamp‘ | |

## August

Grouss Vakanz :)

## September

| | | |
|---|---|---|
| 20. | Gruppenversammlung | 14-17 Auer |
| 27. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |

## Oktober

| | | |
|---|---|---|
| 03.-05. | Montée | |
| 11. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 18.-19. | Viiz-Weekend | |



**Fir d'Unitéit :**
Tameng/Grizzly/Laurent/Eric

# Glèckshonnerten aus dem Ausland: LBB100




Vir zesummen mat eis ze feieren, obwuel sie leier net am Land sin mee deelweis zimlech wait fort, hun eis Unisleit e puer Fotoen mat enger 100 gemaach vir eis aus hirer Staat ze wenschen.





LIONS BLEUS BONNEVOIE
100
HONNERT JOER / 2014
SCOUTS ET GUIDES










# RAPPORT PENGSCHTCAMP

1. Dag

En Samsten hu mer ons um 9.00 op der Gare getraff. Vun do aus si mer dunn op Medingen gefuer, wou den Trajet ugaang ass. Den Trajet ass relativ gutt verlaf , mir haten herno just kee Waasser méi , wat schon e klenge Problem gouf. Mir sinn dann awer net allzespéit am Home zu Bouneweg ukomm an hunn ons dann installéiert. Mir hunn dann ugefaang un onsrer Constructioun ze bauen an hunn owes Nuddele giess. Mir hunn dono nach beim Feier e Quiz veranstalt an sinn da schloofe gaang.

Mika

2. Dag

Moies fréi um 8 Auer si mir gemittlech opgestan an hun eis färdeg gemaach fir de Frühsport mam Claude, deen nawell zimlech gutt gedoen huet, dono hu mir Explorer eis missten un d'Aarbecht man, mir misste mat de Scouten zesummen eng Konstruktioun bauen déi aus 3 Trepied'ën zesummegebaut gouf déi eis fir den Rescht vum Camp als Spull- a Kachgelegenheet gedéngt huet. Mir haten ufanks eis Schwieregkeete mat de Kniet, mee am Laf vum Moien huet dat awer och geklappt, géint der Mëtten hate mer dann d'Trepied'ën opgeriicht an dann hu mer zu Mëtteg giess. D'Iesse war ewéi emmer lecker an huet gutt gefëllt. Nom Mëttegiessen hu mir da weider un eisen Trepied'ën geschafft a paralell dozou hunn d'Cheffen eis Schwemm an den Tuerm färdeg gemaach sou dass den Atra géint 2 Auer d'Schwemm konnt aweihen. Dono hun d'Scouten an d'Beaver et sech net huele gelooss fir och eis selfmade Rutsch ze testen a wéi et schéngt huet se hinnen zougesot! Domadder hu mir da sou zimlech eise ganze Mëtteg/Nomëtteg verbruecht. Du gouff et nees gutt z'iessen an nodeems eis Chargen dann erfëllt woren hu mir eis un e gemittlecht Lagerfeier gesat an hu mat de Wëllefcher an de Scouten ee flotte Quiz gemaach dee vum Soa professionell moderéiert gouf. Beim Quiz sin allgemeng Froen iwert d'Lions Bleus, d'Fnel an den Scoutismus gestallt gin. Dono hu mir ee Carré gemaach, hun de Wëllef eng gutt Nuecht gewënscht an sin net allzespéit dann och endlech an d'Zelt gaangen an hu geschlof.

Eric





3. Dag

Moies goufe mer wéi all Dag erwecht, d Branchen haten rëm 15 Minutten Zäit bis de Carré gepaff gouf. Dono gouf et Moiesiessen. Nodems gouf rëm gespullt, Dëscher ofgeraumt a gebotzt. Du gouf rëm Carré gepaff an do krute mer erklärt wéi de Programm lo ofleeft. Mir goufen a Patrullen op en Trajet lassgeschéckt. Ennerwee ware Posten an d Endziel war bei der gëlle Fra. Eisen éischte Poste war um Wee fir an de Gronn. Do misste mer 2 Lidder aus dem Jäizert sangen. Den zweete Posten war am Gronn, do missten mer mat Hëllef vu Becher an enger Schossel op engem Helm Wasser aus engem an den aneren bréngen an dobäi engem Parcours nogoen. D Ziel war et an der kierzester Zait dat meeschte Wasser an den aneren Eemer bréngen ouni zevill Wasser ze verléieren. Geint 12 Auer si mer du bei der gëlle Fra ukomm. Do hu mer dann alleguer zesummen Chili con Carne giess. Nom Mëttesiessen ass den Trajet weidergaang an des Kéier Richtung Home. Do war nach 1 Posten ënnerwee. De Poste bestoung doraus, eng grouss 100 ze maachen awer dobäi sollte mer just Saachen aus der Natur benotzen, wéi zum Beispill Blieder. Nodems mer du schliesslech beim Home ukomm sin, duerften mer endlech d'Rutsch fir an d Schwemm benotzen. Bis den Owend bei der Veillée missten d Patrullen nach ee Sketch vibereed hun. Si konnten dee während dem Trajet oder lo nodems se ukomm sin prouven. Spéider nodems all d Patrullen ukomm sin, hun mer eis Hänn mat Faarw gefierwt an hun eis riets an eis lénks Hand op 2 grouss Brieder gedréckt. Dono konnte mer ee Rondel vun den 100 umolen an eppes dropschreiwen, déi dono alleguer openeen gestapelt gin. No dem Umoolen haten mer temps libre. Géint 7 Auer gouf gekacht, d Explorer an d Scouten hu fir sech selwer gekacht an d Cheffen hun fir sech an d Wëllefcher gekacht. Nom Kachen an lessen gouf da gespullt. Duerno war dann d Veillée. Bei der Veillée goufen d Sketcher vun de Patrulle virgespillt. Meng Patrull, d Patrull Batti an eng aner Patrull waren an der Finale. Déi aner Patrull huet dunn d Finale gewonn an war sou de Gewënner vun der Veillée. No der Veillée sin d Wëllefcher schlofe gaang. D'Scouten, d'Explorer an d'Cheffen soutzen nach e bësse beim Feier, si sinn awer dono och schlofe gaang nom ustrengenden Dag.

Sam

4. Dag

Nodeems mir moies opgestan waren a Kaffi gedronk hun wéi déi aner Moienter och, hu mir ons a Gruppen opgedeelt fir alles oofzeriichten, vue datt et de leschten Dag war. D'Explorer an d'Scouten hu mol hir Constructiounen ofgeriicht, während d'Wëllefcher sech begannt hun hirt Zelt rem propper ze man. D'Scouten hun dono dann hir respectiv Zelter ofgebaut an d'Explorer hun de Wëllefcher hirt Zelt (de "Metti") an d'Chefzelt auserneegeholl a propper nees agepak. D'Wëllefcher hu währenddessen d'Pickeeë gebotzt, dat grousst Zelt propper gemaach, wat och nodeems et ausgeraumt war ofgeriicht gouf, an d'Campplaz geraumt. Wéi schlussendlech alles agepaakt war, konnte mer ons nach eng leschte Kéier an der Piscine zappe goen, ier mer ons am Carré dunn Äddi gesot hun an no enger "chaîne des adieux" ausernaner gaangen sin a vun onsen Elteren ofgeholl goufen.

Ciaran

# RAPPORT PENGSCHTCAMP













# Impressiounen vum Fakelzuch

















Dat ass en klengen Deel vun de Fotoen, méi gesidd dir geschwenn op der Homepage.

# Lions Bleus NEWS Lions Bleus News




**LIONS BLEUS SHOP**

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

17/05/2014
05/07/2014
27/09/2014
18/10/2014
15/11/2014
13/12/2014



**EMYS**

**Mir feieren 100Joër Lions Bleus !**

hei e Résumé vun eisen Aktivitéiten dèi um Programm stinn:

| | |
|---|---|
| 24-25/05/2014 | ROVERWEEKEND |
| 07-10/06/2014 | PËNGSCHTCAMP<br>zu Bouneweg |
| 16/06/2014 | BUTTONDAG |
| 05/07/2014 | LÈIWEFEST<br>‚Bayrëschen owend' |
| 18/09/2014 | ASSEMBLEE GENERALE<br>‚den home' vun der FNEL |
| 20/09/2014 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 21/09/2014 | REUNION DES CHEFS<br>‚den home' vun der FNEL |
| 29/11/2014 | OOFSCHLOSSFEST |

Hal dëch um laafenden:
www.lionsbleus.lu
oder op facebook ënnert eisem Grupp

# WOSM & fnel NEWS WOSM&fnel News

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

**ALLGEMENG Datumer:**

| | |
|---|---|
| 03/05/2014 | Beaver on tour |
| 04/05/2014 | Vide grenier Luxembourg Ville |
| 06/05/2014 | Soirée Chef de groupes |
| 10/05/2014 | Marche gourmande |
| 11/05/2014 | Veillée nomade (Mersch) |
| 23/05-31/10/14 | Timberausstellung am Postmusée |
| 31/05/2014 | Veillée nomade (Diddelèng) |
| 22/06/2014 | Faackelzuch |
| 20/07/2014 | Pow-Wow |
| 17-26/07/2014 | Together Scoutscamp internat. |

# et schéngt

et schéngt

1) wéi wann et um Facebook mat den Buttons an den 100-Joer Selfies gutt géing kraachen.
2) wéi wann d'Lions Bleus nach emmer 100 Joer feieren.
3) wéi wann um Péngschtcamp gutt gerutscht gi wier.
4) wéi wann de Péngschtcamp e vollen Erfolleg wor.
5) wéi wann zu Bouneweg eng nei Piscine opgang wier.
6) wéi wa gutt gekacht ginn wier um Péngschtcamp.
7) wéi wann de Farceur um Péngschtcamp owes emmer eng Schlechtwetternoriicht bruecht hätt.
8) wéi wann een iwerall 100 Joer féiere géing.
9) wéi wann eng normal Piscine net gutt genuch wier.
10) wéi wann eis Cheffenéquipe dat nächst Joër nees méi grouss gëtt.
11) wéi wann d'italienesch Konkurrenz um Virowend vun Nationalfeierdag gewuess w
12) wéi wann an der WM dëst Joer alles anescht leeft wéi beim Foulard d'Or.
13) wei wann de Faackelzuch dëst Joer nees mei kuerz war.
14) wei wann Lions Bleus all Joers sech selwer mat de Konstruktiounen toppen.
15) wéi wann eise Schwammmeschter seng Schwammbox vergiess hat.
16) wéi wann d'Lederhose scho virum Oktoberfest an den Asaatz kënnt.
17) wéi wann de Woon um Faakelzuch d'Leit zum Staune bruecht hätt.
18) wéi wann eise Viraarbechter elo zu Lënster wunnt.
19) wéi wann d'Fraequote an der Troupe dat nächst Joër an der Troupe staark eropg
20) wéi wann dat hei dee leschten et schéngt virun der Vakanz wier.

# et schéngt net nëmmen

et schéngt net nëmmen

1) wéi wa mat hiren 100 Joer, d'Lions Bleus awer nawell nach schéi modern sin (déi a Tatta).
2) wéi wann sie dofir géiffen e Kuch vun 2m Durchmiesser um Won vun der FNEL bauen.
3) wéi wann een net an d'neit Joër gerutscht wier mee an eng fonkelnei Piscine mat selwergebautener Rutsch.
4) wei wann 33 Grad eist Liewen net nemmen warm mee och naass gema hätten
5) wéi wann et suguer e Planschbecken (net mol fir d'Kanner) géif gin, deen et op Wonsch reene léisst.
6) wei wa vill Wëllefcher sech ee Kachbadge verdéngt hätten.
7) wéi wann säin Thermo-Baro-Hygro-Meter awer futti wier.
8) wei wann déi Bloo Léiwen et méi géinge kraache loosse wéi d FNEL.
9) wéi wann de Wahl ee vollen Erfolleg gin as.
10) wéi wann eis kleng Explorer elo grouss an al gin.
11) wéi wann si awer nach lang net sou cool si wéi mir. Och mat Musek :-)
12) wéi wann hei d'Favoriten wéinstens gewanne géifen.
13) wei wann d'Fakelen awer ofgebrannt wieren.
14) wei wa Jiddereen en riese Spass am diesjähregen Lions-Bleus-Aqua-Park hat!
15) wéi wann d'Pamela Anderson vun de Wiselen him dat gewisen hätt.
16) wéi wann um Léiwefest och d'Dirndlen gär gesi gin.
17) wéi wann d'Kärzen och nach eng Kéier um Together an um Léiwefest ugefaang g
18) wéi wann hien elo de 4 Auer Kaffi bei eis Schildkröt drénke geet.
19) wéi wann een elo vläit e Prinzessineclub 2opmaache géif.
20) wéi wa mir Jidderengem eng schéi Vakanz wënschen!

# 3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

## juli'14

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | Permanence |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | |
| **Sa** | 5 | **Bayrëschen - Owend**<br>**Lèiwefest** LBB100 |
| So | 6 | |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | Permanence |
| Do | 10 | |
| Fr | 11 | |
| **Sa** | 12 | |
| So | 13 | |
| Me | 14 | Comité |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | |
| Do | 17 | Summercamp **'together'** |
| Fr | 18 | Summercamp **'together'** |
| **Sa** | 19 | Summercamp **'together'** |
| So | 20 | Summercamp **'together'**<br>**POW-WOW** |
| Me | 21 | Summercamp **'together'** |
| Dë | 22 | Summercamp **'together'** |
| Më | 23 | Summercamp **'together'** |
| Do | 24 | Summercamp **'together'** |
| Fr | 25 | Summercamp **'together'** |
| **Sa** | 26 | Summercamp **'together'** |
| So | 27 | |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | |
| Do | 31 | |

## august'14

| | | |
|---|---|---|
| Fr | 1 | |
| **Sa** | 2 | |
| So | 3 | |
| Me | 4 | |
| Dë | 5 | |
| Më | 6 | |
| Do | 7 | |
| Fr | 8 | |
| **Sa** | 9 | |
| So | 10 | |
| Me | 11 | |
| Dë | 12 | |
| Më | 13 | |
| Do | 14 | |
| Fr | 15 | |
| **Sa** | 16 | |
| So | 17 | |
| Me | 18 | |
| Dë | 19 | |
| Më | 20 | |
| Do | 21 | |
| Fr | 22 | |
| **Sa** | 23 | |
| So | 24 | |
| Me | 25 | |
| Dë | 26 | |
| Më | 27 | |
| Do | 28 | |
| Fr | 29 | |
| **Sa** | 30 | |
| So | 31 | |

## september'14

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| **Sa** | 6 | |
| So | 7 | |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| **Sa** | 13 | |
| So | 14 | |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | Permanence |
| Do | 18 | |
| Fr | 19 | |
| **Sa** | 20 | **Gruppenversammlung**<br>**14:00-17:00** |
| So | 21 | |
| Me | 22 | |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | Permanence |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| **Sa** | 27 | Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer<br>LBB Shop |
| So | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

fnel scouts & guides

BE DREADED

Vive
Nationalfeierdaaaaaaaag



* THAT'S ALL FOLKS